

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de rezenten Iwwerschwemmunge sinn och kuerzfristeg eng Rei Bus- an Zuchlinnen ausgefall. Op der Mobilitéitsapp gouf de Leit awer weiderhin de ganz normale Fuerplang ugewisen, deen se jo och anescht kënne consultéieren, zum Beispill op den Affichen, déi op de Busarrêten aushänken. Och déi elektronesch Affichen an de Busse selwer hunn oft weiderhi just iwver de reguläre Fuerplang informéiert. An der Konsequenz hunn d'Passagéier sech gudde Gewëssens ob déi entspriechend Servicer vum öffentlechen Transport verlooss, an der Unam, hiert Zill wéi gewinnt ze errechen, ouni sech op Schwieregkeeten anzustellen.

An deem Zesammenhang géife mir dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

- 1) Op wéi eng Ursaachen ass dëst eklatant Versoe vun den elektronesch Informationssystemer am öffentlechen Transport zeréckzeféieren? Wéi eng Konsequenze ginn aus dësem Virfall gezunn?
- 2) Ass dru geduecht fir d'Chauffeuren an déi Verantwortlech op den entspriechende Koordinatiouns- respektiv Kommandoposten an deem Sënn weider ze forméieren, datt si de Leit a sou enger Situatioun zukünfteg eegestänneg kënne weiderhëllefen?
- 3) Falls d'Äntwert op d'Fro virdrun nee ass, ass dann ersatzweis virgesinn, den öffentlechen Transport flächendeckend mat entspriechende Bandopname mat engem allgemenge Warnhiweis ze equipéieren, déi d' Chauffeuren no all Arrêt kënnen ofspillen, fir d'Leit op mannst grondsätzlech op d'Méiglechkeet vu Probleemer hinzeweisen?
- 4) Wéi schonn an der Fro Nummer 4442, wou et ëm d'Probleemer vum Tram bei Donnerwiedere gong, géife mir den Här Transportminister froen, op hien et fir ubruecht hält, de Leit ze roden, am Fall vu schwéiere Wiederonrouen, generell sou wäit wéi méiglech Eegeverantwortung ze iwverhuelen, andeems si ob déi individuell Mobilitéit zeréckzegräifen? Dëst wuelwëssend, datt déi Méiglechkeet et de Leit och erlaabt, kuerzfristeg Verantwortung fir, en vue vun der Mobilitéit vulnerabele Persounen aus hirem noen Ëmfeld, notamment eeler Leit, awer och zum Beispill Schoulkanner ze iwverhuelen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten